Fréiere Chefredakter an Direkter vum Wort

# Abbé André Heiderscheid am Alter vun 91 Joer gestuerwen

Wéi d'Lëtzebuerger Wort mellt, ass de Geeschtlechen, Auteur a Publizist e Samschdeg den Owend am Alter vun 91 Joer gestuerwen.

Leschten Update: 19.03.2018, 07:30:24

4 Commentaire(n)
E-Mail schécken
Printen
Recommend 22 | Tweet | G+ | Share



© RTL Télé Lëtzebuerg

Den Äerzbistum huet dem Wort confirméiert, datt de laangjärege Chefredakter vun dëser Zeitung André Heiderscheid e Samschdeg den Owend verscheet ass. Domat verléiert d'Lëtzebuerger Pressewiesen en engagéierte Journalist, deen d'St-Paul-Medienhaus während 4 Joerzéngte markéiert an entwéckelt huet.

Den André Heiderscheid gouf den 30. Dezember 1926 zu Luerenzweiler gebuer.

Während der Nazi-Occupatiounszäit ass hien zwangsrekrutéiert ginn a koum 1945 a Schlesien un d'Front, wou hien op der Säit vun den Nazie géint d'rout Arméi huet misse kämpfen.

**Themen**

Lëtzebuerg

## Lëtzebuerg: Am meeschte gelies

Haut | Gëscht | Dës Woch | Lescht Woch

1. Urn doheem oder verstreeën op Privatterrain: Dispositioune vum Anäscheren der Gesellschaft upassen
2. Jonk Koppel: Am Pyjama, awer ouni Permis gepëtzt
3. Fréiere Chefredakter an Direkter vum Wort: Abbé André Heiderscheid am Alter vun 91 Joer gestuerwen
4. Nationalkongress ADR: Wuesstem, Renten, Familljen an eis Sprooch

Den Äerzbistum huet dem Wort confirméiert, datt de laangjärege Chefredakter vun dëser Zeitung André Heiderscheid e Samschdeg den Owend verscheet ass. Domat verléiert d'Lëtzebuerger Pressewiesen en engagéierte Journalist, deen d'St-Paul-Medienhaus während 4 Joerzéngte markéiert an entwéckelt huet.

Den André Heiderscheid gouf den 30. Dezember 1926 zu Luerenzweiler gebuer.

Während der Nazi-Occupatiounszäit ass hien zwangsrekrutéiert ginn a koum 1945 a Schlesien un d'Front, wou hien op der Säit vun den Nazie géint d'rout Arméi huet misse kämpfen.

Am Mee 1945 koum den André Heiderscheid a Krichsgefaangenschaft. Eréischt 4 Méint méi spéit koum hien op Lëtzebuerg zeréck. All déi Erliefnesser huet hien an der Buchtrilogie "Zwangsrekrutiert" verschafft.

1953 gouf den André Heiderscheid zum Geeschtleche geweit.


André Heiderscheid

Um das Katholische in dieser Zeitung

Wie das zu erklären ist?

Den André Heiderscheid an der LW-Nummer fir 150 Joer Lëtzebuerger Wort vum 23. Mäerz 1998.
© Luxemburger Wort

1959 koum hie bei d'Wort, wou hie vun 1967 bis 1986 Chefredakter war a vun 1971 bis 1994 Direkter, dat och vu Saint-Paul. Vun 1995 bis 1998 war den André Heiderscheid do nach Administrateur délégué. Hie war och President vum Conseil de presse an Doumprobst.

D'Begriefnes ass e Mëttwoch.




Eng Foto aus der LW-Nummer fir 150 Joer Lëtzebuerger Wort vum 23. Mäerz 1998.
*© Luxemburger Wort*